



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Mat der Policereform vun 2018 goufen d'Missioune vun den C2R an den C3R Kommissariater hei am Land komplett ugeglach. Contrairement zu den C3R Kommissariater verfügen C2R Kommissariater allerdéngs net iwwert Déngschtcamionnetten, déi fir eng Rei Transportaufgaben awer kaum duerch Combien ze ersetze sinn. Dëst, well eng Patroll sech normalerweis aus zwee Beamten an engem Stagiaire zesummesetzt, deen zesumme mam Asazmaterial um hënneschte Sëtz Plaz hält, wat beim Transport vun engem Client séier zu enger geféierlecher Situatioun kéint féieren. Dacks bleift de Beamte vun den C2R Kommissariater näischt anescht iwwereg, wéi eng Camionnette vun engem C3R Kommissariat kommen ze loossen, wat zu laange Verzögerungen vun den Asaz wéi och allgemeng villen zousätzlechen Aarbechtsstonne bei der Police féiert.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu dëser Problematik elaboréieren?
- 2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi déi vollstänneg Opstellung vum Fuerpark vun der Police regruppéiert a preziséieren, wéi déi eenzel Kategorie vu Gefierer tëschent deenen insgesamt 35 Kommissariater hei am Land, souwéi deenen operationellen an administrativen Unitéiten opgedeelt sinn?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, wéi wäit et méiglech wier, C2R Kommissariater duerch e verännerten Asaz vum Material, notament duerch d'Mobiliséierung vu potenzielle Reserve mat op mannst enger Camionnette ze ekipéieren?
- 4) Kann den Här Minister matdeelen, bis wéini duerch Neiuschafungen eng vollstänneg Ausstattung vun den C2R Kommissariater mat op mannst enger Camionnette virgesinn ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten